REVUE MUSICALE DE L'UGDA

Union Grand-Duc Adolphe

n° 1 – Mars 2019

Fédération
Rétrospective
49e Assemblée générale de la Mutuelle de l'UGDA
156e Congrès fédéral
L'UGDA en action
Communiqués
Les sociétés en action
Les sociétés en fête
Les sociétés à l'étranger
Manifestations
École de Musique
Rétrospective
Stages et formations
Concours pour Jeunes Solistes

Hiver en musique

Photo : ***J.M. "Lupo" LUDOWICY***

Impressum - Sommaire 2

Editorial 3

Après le 156e Congrès fédéral, une année de transition et de réflexion

Adresses utiles 4

Rétrospective

49. Generalversammlung vun der UGDA-Mutuelle 5

156. UGDA Kongress 7

Communiqués

UGDA Sonderangebot Musikmesse 2019 12

Université du Luxembourg Doktorant in Musikwissenschaft 28

European Choral Association Sing me in 30

Luxembourg Philharmonia Masterclass for Oboe 48

News +++ Musikmesse 88

L'UGDA en action

Rendez-vous des Mandolines et Guitares 23

Theaterfestival 2020 24

European Big Band Event 2020 26

Relations internationales

Sun of Italy 34

Internationale Chorakademie Krems 34

Eurochestries - Festivals 2019 53

Relations interrégionales

Grand-Prix der Blasmusik 38

Ecole de Musique

Rétrospective

Diplomüberreichung im Norden 15

Remise nationale des diplômes à Niederanven 16

Remise nationale des diplômes Echo dans la presse luxembourgeoise 17

Stages et formations 19

Communiqué

Festival Jeunes Talents à Bertrange 20

Concours pour Jeunes Solistes

European competition for oboe bassoon, hor, piano solo and chamber music 21

Festival des Jeunes Talents Take Two To Six 22

Petites annonces

Postes vacants 40

Varia 42

A vendre / Achète 44/46

Les sociétés en fête

50 Joer Schëtter Jongbléiser a Schëtter UGDA-Museksschoul 50

50 Jahre Ambitus und Dirigent Roby Schiltz 52

Les sociétés en action

Concordia - The Voices Vocal meets Rhythm 54

Harmonie Municipale Esch Jugendorchester - Nichts entgeht dem Weihnachtsmann

Jugendorchester der HMEsch gastiert in Köln 56

Genüssliche Klänge : HMEsch@Vienna 58

Amicale Garnisounsmusek Dikrech Generalversammlung 60

D'Sauerquakerten on Tour 62

Kanner- a Jugendchouer Konsdref Chrëschtconcert 64

Ettelbrécker Musek Konzerte im In- und Ausland 66

Harmonie Éilereng Klassisches Konzert 68

Trompes de chasse St Hubert L'Art musical des sonneurs de trompes 70

David Ianni meets Muselfénkelcher 72

De Mierscher Folklor start voll duerch 74

Musik Gemeng Bauschelt, Philharmonie Préizerdaul, Pompjeesmusek Rammerich Musikantenehrungen 76

UGDA Editions

De Superjhemp Retörns 35

Mir maache Musek vum Léopold Winandy 94

Calendrier des manifestations 80/82/84/86

Merci aux donateurs 89

Union Grand-Duc Adolphe

Fédération Nationale du Mouvement Associatif de la Musique Chorale et Instrumentale, du Folklore et du Théâtre du Grand-Duché de Luxembourg

Association sans but lucratif,

Établissement reconnu d'utilité publique par loi spéciale du 1er juin 1989

Fondée en 1863

Sous le Haut patronage de LLAARR Le Grand-Duc Jean et La Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte (†)

L'UGDA bénéficie du soutien financier du Ministère de la Culture

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

REVUE MUSICALE
3, route d'Arlon, L-8009 STRASSEN
Tél. : (+352) 46 25 36-1 / Fax : (+352) 47 14 40
E-mail : revue-musicale@ugda.lu
Internet : www.ugda.lu

Revue Musicale N° 1/2019

82e année

Lëtzebuerger Museks-Zeitung
Organe officiel de l'Union Grand-Duc Adolphe

Périodicité : trimestriel

Tirage : 11.500

Contrat P&T : I7UGDA

Courriel : revue-musicale@ugda.lu

Responsables de l'édition :
Bureau exécutif, Conseil d'administration et Direction de l'Ecole de musique de l'UGDA

Layout : Raoul Wilhelm, Claude Mousel

Imprimerie : printsolutions s.àr.l., Luxembourg

Administration, abonnement et publicité : Union Grand-Duc Adolphe

Prix par abonnement : 2,50 Euro

Distribution gratuite aux sociétaires des sociétés affiliées à l'UGDA, aux enseignants et aux élèves de l'Ecole de Musique de l'UGDA.

La reproduction d'articles, même par extraits, n'est autorisée qu'en cas d'indication de la source.

Les manuscrits publiés ne reflètent pas nécessairement la manière de voir de l'UGDA.

Prochaine édition : 3 juin 2019

En couverture : Thorsten Muschiol, chargé de cours de l'Ecole de Musique de l'UGDA (Photo : J.M. "Lupo" Ludowicy)

MIXTE Papier issu de sources responsables FSC® C007428

Après le 156e Congrès fédéral, une année de transition et de réflexion

Gilbert GIRSCH | *Président de l'Union Grand-Duc Adolphe* **www.ugda.lu**

Le 156ème Congrès fédéral a eu lieu le 27 janvier 2019 au Conservatoire de la Ville de Luxembourg. Il avait été précédé par la 49ème Assemblée générale ordinaire de la Mutuelle, qui avait été elle-même précédée par une Assemblée générale extraordinaire au cours de laquelle des modifications des Statuts avaient été acceptées à l'unanimité par l'auditoire.

C'est après un interlude des trompes de chasse St. Hubert de Luxembourg que le 156ème Congrès fédéral a entamé l'examen des différents points de son ordre du jour. Les rapports et bilans de l'année 2018, ainsi que le programme d'action 2019 et les prévisions budgétaires, ont été acceptés.

Martine Deprez, Présidente de la Fédération et de la Mutuelle, a fait part de sa décision de cesser toutes ses activités au sein de la Fédération. Permettez-moi, au nom du Conseil d'Administration et en mon nom personnel, de remercier Martine pour sa contribution, son temps, son énergie et son dévouement sans faille ces trois dernières années à l'UGDA. Elle a plus que mérité son titre de Présidente honoraire. Souhaitons-lui bonne continuation et plein succès dans l'exercice de ses fonctions de professeur et de Membre du Conseil d'Etat.

Je saisis l'occasion, par ces quelques mots, pour vous remercier tous de la confiance que vous m'avez manifestée lors du Congrès en me confiant la présidence de la Fédération UGDA jusqu'au prochain Congrès. Je ferai tout ce qui est en mon pouvoir pour ne décevoir personne. Pour ce faire, une collaboration étroite entre le Conseil d'administration, le Secrétariat fédéral, l'Ecole de musique et tous les délégués de l'UGDA est nécessaire. Mon vœu est que nous puissions travailler tous ensemble pour atteindre un même but, à savoir que la Fédération puisse offrir à chacun et chacune au Grand-duché une possibilité d'éveil culturel. Eveil culturel qui permet à chacun, tant enfant qu'adulte, de mieux s'intégrer.

L'année 2019 est particulièrement importante du fait que le Congrès nous accorde une année de transition pour pouvoir trouver des bénévoles de tous horizons afin d'élire un nouveau Conseil d'Administration et Bureau exécutif en 2020.

Bien entendu, nous poursuivrons le calendrier des principales actions prévues en 2019 tel qu'indiqué dans la Revue du Congrès de janvier 2019.

Je profite de l'occasion qui m'est donnée ici pour remercier sincèrement le Ministère de la Culture, le Ministère de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, la Ville de Luxembourg ainsi que les Assurances Lalux et tous nos sponsors.

«La musique mérite d'être la seconde langue obligatoire de toutes les écoles du monde» (Paul Carvel)

Fédération / Mutuelle	3, route d'Arlon • L-8009 Strassen • Tél. : 46 25 36-1 • Fax : 47 14 40 • Courriel : direction@ugda.lu • Web : www.ugda.lu Heures d'ouverture : Lu-Ve • 8h30 - 11h30 / 13h30 - 16h00 • Standard téléphonique : Lu-Ve • 8h30 - 11h30 / 13h30 - 16h30
Ecole de musique	3, route d'Arlon • L-8009 Strassen • Tél. : 22 05 58-1 • Fax : 22 22 97 • Courriel : ecole@ugda.lu • Web : www.ugda.lu/ecomus Heures d'ouverture : Lu-Ve • 8h00 - 12h00 / 13h00 - 16h30
Ecole de musique du Canton de Clervaux	Montée du Château • B.P. 70 • L-9701 Clervaux • Tél. : 92 96 76-1 • Fax : 92 96 76-76 • Courriel : mcc@ugda.lu • Web : www.ugda.lu/ecomus Heures d'ouverture : Lu-Ve • 8h00 - 12h00 / 13h30 - 16h30

CONSEIL D'ADMINISTRATION

Fonction	Nom et prénom	Adresse	Téléphone privé / GSM	Courriel
Président	GIRSCH Gilbert	4 Rue Eich, L-8354 GARNICH	30 82 22 / 621 25 36 04	gilbertgirsch@hotmail.com
Vice-Président	PETERS Raymond	4 Route du Vin, L-6794 GREVENMACHER	75 83 75 / 621 17 60 88	peters.r@pt.lu
Secrétaire général	KÖLLER Robert	289A Route d'Arlon, L-8011 STRASSEN	621 37 10 84	robko@pt.lu
Trésorier général	HEINEN André	3 Op Der Knupp, L-7432 GOSSELDANGE	621 16 22 29	andre.heinen@fofa.lu
Membre	EBERT Silvia	51 Rue du Baerendall, L-8212 MAMER	691 11 94 94	s.ebert@yahoo.de
Membre	HEINTZEN Joe	14 Rue Th. Bassing, L-9405 VIANDEN	83 45 72 / 661 22 08 52	joheintz@pt.lu
Membre	KETTEL Claudine	10 Rue Scheerbach, L-7625 LAROCHETTE	621 26 78 17	musikant@pt.lu
Membre	KINNEN Jean-Paul	3 A Wokelt, L-8715 EVERLANGE	23 63 91 88 / 621 16 59 46	kinnfam@pt.lu
Membre	KRAMER Susanne	28A Beschmontsbongert, L-7526 MERSCH	23 63 07 03 / 691 48 08 21	besus.kramer@gmail.com
Membre	KRIER Emile	20 Rue des Prés, L-8089 BERTRANGE	691 31 05 56	kriere@pt.lu
Membre	MICHELS Pol	12 Rue St Ulric, L-2651 LUXEMBOURG-GRUND	661 82 35 08	sound-light-vision@live.com
Membre	THILL Danielle	87 Rue de Kleinbettingen, L-8436 STEINFORT	691 39 51 60	danieth@pt.lu
Membre	THILL Marc	21 Rue Schafsstrachen, L-2510 STRASSEN	621 26 35 03	thillmarc@gmail.com

DÉLÉGUÉ DE L'UGDA

Nom et prénom	Adresse	Téléphone privé / GSM	Courriel
BIRGEN Gilbert	6 Rue Guillaume Kremer, L-4999 SCHOUWEILER	37 01 49 / 621 29 43 41	gigubi@pt.lu
COLLING Jacques	8 Am Bungert, L-9416 VIANDEN	691 83 47 02	cmoi@pt.lu
DONVEN-ROSSETTI Adèle	30 Rue de l'Usine, L-4490 BELVAUX	621 23 34 17	donvenm@pt.lu
FELLENS Nico	16a Rue Joseph Conrad, L-9908 TROISVIERGES	99 77 41 / 691 30 10 00	nfellens@pt.lu
GOERGEN Francis	17 Rue Michel Rodange, L-4660 DIFFERDANGE	58 95 99 / 621 14 65 44	goefr@yahoo.fr
GRAVIER Maurice	12 Rue des Vergers, F-57570 CATTENOM	+33-3-82 55 46 74 / +33-6-88 81 76 00	maugralise@hotmail.com
HENCKES Guy	6 Rue des Près, L-9907 TROISVIERGES	97 93 27 / 621 26 58 22	guy.henckes@education.lu
HENRION Romain	2 Allée du Carmel, L-1354 LUXEMBOURG	43 84 97	herom@pt.lu
KLEMAN Josée	123 Rue Th. De Wacquant, L-3899 FOETZ	55 27 66 / 621 29 45 91	jkleman@pt.lu
KONTZ Josy	7 Place Sauerwiss, L-2512 LUXEMBOURG	42 52 44	josykontz@gmail.com
KREINTZ Jos	7 Um Klaeppchen, L-5720 ASPELT	23 66 87 15 / 621 24 50 49	jkreintz@pt.lu
KRUMMES-LIST Monique	30 Rue de Steinfort, L-8371 HOBSCHEID	691 66 52 70	krupa@pt.lu
MAMER Robert	11 Bousserwee, L-8818 GREVELS	88 80 01 / 691 70 69 43	rmamer@pt.lu
MICHELS Angèle	12 Rue St Ulric, L-2651 LUXEMBOURG-GRUND	47 19 27 / 661 52 77 74	michels1@pt.lu
OSWEILER Romain	7 Rue de Dickweiler, L-6571 OSWEILER	72 66 23 / 691 91 56 66	romain.osweiler@rosport.lu
RIES Romain	4 Rue Lumière, L-3516 DUDELANGE	51 77 89 / 621 63 73 07	javiejones@pt.lu
ROETTGERS-DE ROND Myriam	12 Rue Paul Dentzer, L-9907 TROISVIERGES	691 64 08 25	myriamderond@yahoo.de
SCHAMMO Jean	66 Rue des Champs, L-7217 HELMSANGE	33 84 12 / 621 74 73 78	jeanscha@pt.lu
SCHANNEL Nico	1 Rue du Château, L-9353 BETTENDORF	661 80 82 14	ocin@pt.lu
SCHROEDER Raymond	18 Um Weiher, L-9805 HOSINGEN	26 91 07 93 / 621 24 42 85	
WAGNER-HEITZ Arlette	114 Cité Paerchen, L-3879 SCHIFFLANGE	54 70 13 / 691 64 38 32	pierrot@internet.lu
ZEIMET-SCHROEDER Monique	6 Rue de la Sapinière, L-5571 REMICH	23 69 87 64 / 661 61 38 08	moniquezeimetschroeder@gmail.com

Sonndeg, 27. Januar 2019 am Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg :

49. Generalversammlung vun der UGDA-Mutuelle

Text : **Robert KÖLLER** | *Generalsekretär* | Fotoen : **Viviane HEINEN**

Ausseruerdentlech Generalversammlung

A Präsenz vun enger Rei vun Éieregäscht, dorënner de President vun der Nationaler Federatioun vun de Mutuellen, den Här Raymond Wengler, dem Sekretär vun der CMCM Nico Düsseldorf an hirem Directeur Opérationnel de Mario Chiapolino, huet d'Presidentin Martine Deprez d'Versammlung kuerz begréisst an dunn dem Generalsekretär Rob Köller d'Wuert gi fir d'Statutenännerungen ze presentéieren. Dësen erkläert kuerz firwat des Ännerungen néideg sinn. Engersäits gouf op eng duerchgehend gläichbleiwend Terminologie opgepasst, an anerersäits goufen se un déi nei Statute vun der Federatioun ugepasst. Hei goufen de «Comité central» a «Conseil d'Administration» ëmbenannt, wat elo hei och an dës Statuten afléisse soll, an ausserdeem ass d'Dauer vun de Mandater vun de Comitésmemberen an der Federatioun jo elo nëmmen nach 3 Joer. Dat soll dann och esou an de neie Statute vun der Mutuelle agefouert ginn.

De Generalsekretär proposéiert der Versammlung, «en bloc» iwwert des Ännerungen ofzestëmmen, a net missen iwwert all Artikel ze goen. Dës Propositioun gëtt «à l'unanimité» ugeholl. Duerno ginn déi nei Statute mat dem selwechte Resultat ugeholl.

Déi ausseruerdentlech Versammlung gouf duerno ofgeschloss an déi uerdentlech opgemaach.

Uerdentlech Generalversammlung

D'Presidentin huet dunn virgeschloen de Punkt 2 vum Ordre du jour falen ze loossen, well deen och nach um Ordre du jour vun der Versammlung vun der Federatioun steet. Duerno war et nees um Generalsekretär d'Aktivitéite vun der Mutuelle ze presentéieren.

Bei der Stierfkeess huet eis Mutuelle 41 Indemnitéiten ausbezuelt un d'Famill wou ee vun eise Membere gestuerwen ass, an zwar an der Moyenne eng ronn 430 €. Doriwwer eraus huet de Fonds de Secours zweemol bezuelt bei Stierffäll wou mannerjäreg Kanner zeréck bliwwe sinn.

Bei de Sinistere goufen et am Joer 2018 folgend Situatioune bei deenen d'Assurance fir de Schued opkomm ass : Haftflicht 10 mol, Accidenter mat Kierperschued 8 mol, Schued un Instrumenter a Reparature 74 mol, Assurance fir elektroneschen Equipement 2 mol a Kasko op den Autoen 49 mol.

Bei de Memberszuele gouf festgestallt, dass mer e liichte Réckgang hunn wat drop zréck ze féieren ass, dass sech e puer Gesellschaften opgeléist hunn. Insgesamt mécht dat eng ronn 170 Membere manner wéi dat Joer virdrun.

De Comité gesäit sech all Trimester fir de Punkt vun der Situatioun ze maachen, a mat eise Partner vu LALUX ze kucke wéi mer d'Prestatioune kënne weider entwéckelen.

Zwee vun eise Leit sëtzen dann nach an anere wichtege Gremien, an zwar ass den André Heinen dat läscht Joer an de Conseil d'administration vun der CMCM gewielt ginn. Dëse Conseil huet eng ronn 12 bis 15 Versammlungen am Joer. An de Generalsekretär ass zanter 2017 am Comité vun der Federatioun vun de Mutuellen, der FNML, deen sech och all Mount gesäit.

Den André Heinen huet duerno kuerz de Finanzbericht gemaach, wou d'Joer mat engem liichten Excédent de Recettes vu 6.909,46 € konnt ofgeschloss ginn.

De Norbert Steinmetz, fir d'Vérificateurs des comptes, huet duerno der Versammlung erläert, dass si den 13. Januar d'Kees gepréift hunn, a keng Irregularitéite konnte feststellen. Hien huet d'Versammlung gebieden dem Trésorier an dem Comité Entlaaschtung ze ginn. D'Rapporte goufen dann och ouni Géigestëmm an Enthalung ugeholl.

Nodeems kéng weider Froe waren, gouf déi 49. uerdentlech Generalversammlung vun der Mutuelle zougemaach.

Les membres du Conseil d'administration de l'UGDA avec la Ministre de la Culture Sam Tanson - de g. à dr. : Joe Heintzen, Danielle Thill, Emile Krier, Silvia Ebert, Romain Osweiler (CA jusqu'au 27.1.2019), André Heinen, Pol Michels, Raymond Peters, Jean-Paul Kinnen, Gilbert Girsch, Sam Tanson, Robert Köller, Martine Deprez (CA jusqu'au 27.1.2019) Susanne Kramer, Claudine Kettel, Marc Thill (Photo : Viviane Heinen)

avec le soutien financier du Ministère de la Culture

Sonndeg, 27. Januar 2019 am Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg :

156. UGDA Kongress

Text : **Robert KÖLLER** | *UGDA Generalsekretär* | Fotoen : **Viviane HEINEN**

Ageleet gouf de Kongress mat enger musikalescher Prestatioun vun den «Trompes de chasse St. Hubert» déi an historescher Uniform, eng impressionnant Performance op hiren net-chromateschen Instrumenter ginn hunn.

D'Presidentin Martine Deprez huet duerno d'Éieregäscht begréisst, mat un der Spëtzt déi nei Kulturministesch Sam Tanson, den Éierepresident vun der UGDA Jacques Santer, d'Honorarpresidente Robert Weyland a Louis Karmeyer, d'Deputéierte Marc Angel a Guy Arendt, d'Buergermeeschtesch vun der Stad Lëtzebuerg Lydie Polfer an hir Kulturschäffe Simone Beissel, d'Buergermeeschteren a Conseillere aus de Gemenge Fiels, Konsdref, Jonglënster, Lëntgen, Noumer, Péiteng a Sandweiler. Präsent war och den Attaché aus dem Ministère de l'Education, dem ewell d'Museksschoulwiesen ënnersteet, de Gilles Lacour, de Commissaire à l'enseignement musical Paul Schmoetten, d'Conservatoires-Direktere Marc Meyers a Marc Treinen. D'Regionalmuseksschoule ware vertrueden duerch de Romain Asselborn an de Bob Morhard. Vun der UGDA Museksschoul, den Direkter Paul Scholer an d'Micky Thein, Directrice adjointe. Vum Syndicat pour l'enseignement de la musique et du chant dans le canton de Clervaux, de President Jean-Paul Reitz. Weider waren do, de President vun der FNML Raymond Wengler, de Generalsekretär vun der CMCM Nico Düsseldorf, an hiren Directeur Opérationnel Mario Chiapolino, de juristesche Beroder vun der UGDA Pierre Feltgen, déi zwee Responsabel vun der LALUX Steve Balance an Olivier Gengler, d'Presidentin vun der LASEP Nicole Kuhn-Di Centa, d'Generalsekretärin vun der Amiperas Edmée Anen a vum Gaart an Heem, den Éierepresident Jean Kieffer an d'Presidentin Martine Mergen. Donieft waren d'Frënn vum Piusverband mat enger Delegatioun vu 5 Leit präsent ugefouert vun hirem President Albert Brauch, esou wéi d'Vertrieder vun de Federatiounen aus der Groussregioun, de Kreismusikverband Bernkastel-Wittlich mat dem Norbert Sartoris an Hans-Georg Weber, de Kreismusikverband Trier-Saarburg mat dem Wolfgang Rössler, d'CMF Meurthe et Moselle mat dem Bertrand François an d'CMF Lorraine mat dem Pierre-Marie Budelot. D'Union Musicale Interrégionale (UMI) war vertrueden duerch hiren Tresorier Ewald Tonner. An dann nach der UGDA Museksschoul hir Conseillers honoraires Arthur Schoentgen a Lucien Lauer.

Si ass du kuerz op den Oflaf vum Joer 2018 agaangen, fir dunn d'Grënn vun hirem annoncéierte Récktrëtt vun alle Posten z'erklären. Si huet hire Kollegen am Bureau exécutif an am Verwaltungsrot Merci gesot fir déi geleeschten Aarbecht a fir d'Zesummeschaffen, besonnesch an dem Moment wou hir alles ze vill ginn ass. Si ass och frou, déi Léisung déi de Verwaltungsrot zesumme mat den Delegéierten ausgeschafft, an dunn an de Regionalversammlungen de Veräiner virgeschloen huet, nach eng Kéier kënnen ze presentéieren. An zwar, well laut de Statuten um Kongress 2020 de ganze Verwaltungsrot an de Bureau exécutif nei gewielt ginn, soll elo de Vize-President Gilbert Girsch hiert Mandat bis dann iwwerhuelen a fäerdeg féieren, ouni weider Verännerunge soss am Comité, wou elo schonns zwou Plaze fräi sinn.

D'Presidentin freet dann de Kongress op et zu deem Virschlag Kommentaren oder Géigepropositioune gëtt. Et mellt keen sech, wourops hin Si dann iwwert dëse Virschlag ofstëmme léisst. D'Propositioun gëtt «à l'unanimité» vum Kongress ugeholl. Domat ass de Gilbert Girsch neie President vun der UGDA mat Mandat bis zum Kongress 2020.

Als zweete Punkt um Ordre du Jour ass d'Gedenken un déi Verstuerwe virgesinn, an hei gouf besonnesch, zwee Leit geduecht. Dem Louis Schmitz, deen nieft senger Tätegkeet an de Comitéë vun diverse Museksveräiner, och Keeserevisor bei der Mutuelle vun der UGDA war, an dem Marcel Thill, och fréiere Keeserevisor vun der Mutelle, an deen a senger Funktioun als Buergermeeschter vun der Gemeng Feelen, ëmmer nees d'UGDA bei hiren nationalen an internationalen Aktivitéiten ënnerstëtzt huet.

Eng Constitutioun vun engem Walbüro war net néideg, vu dass et keng Kandidature fir de Verwaltungsrot gouf, an 2 Kandidaten sech gemellt hunn fir de Conseil d'arbitrage fir 2 oppe Plazen. De John Düsseldorf vun der Lyra Ettelbréck, an den Dan Joseph fir d'Eller Musek goufe per Acclamatioun vum Kongress guttgeheescht.

Duerno war et um Generalsekretär fir den Aktivitéitsbericht ze maachen :

D'Joer 2018 huet ugefaange mat dem Kongress, deen den 28. Januar 2018 wéi gewinnt am Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg ofgehale ginn ass.

Ugaangen ass d'Saison mat der Journée des Jeunes, déi den 18. Mäerz am Kader vum 125. Anniversaire vun der Leidelenger Musek stattfonnt huet.

Haaptmanifestatioun war de Nationale Sängerdag, deen den 13. Mee zu Beefort um Schlass stattfonnt huet. Dësen Dag gouf organiséiert zesumme mat der INECC, dem Piusverband an de Beeforter Schlassfrënn. Merci soe misse mer och der Spuerkeess fir hir Ënnerstëtzung mat der Publicitéit um RTL an de Beeforter Veräiner déi sech ëm Iessen a Gedrénks gekëmmert hunn. Merci och Apart-TV fir d'Ophuele vun dëser Aktivitéit.

Eng aner Aktioun déi mer zesumme mat der INECC gedroen hunn, war déi vum "Europäesche Gesangsbuch". Hei goufen e Voting um Internet déi 6 typeschste Lëtzebuerger Lidder ausgewielt, woubäi iwwer 1.500 Leit matgemaach hunn. Dës 6 Lidder ginn elo an engem groussen Europäesche Lidderbuch publizéiert, wou aus all Land 6 Lidder dra sinn, an Original Versioun, an an enger sangbarer englescher Iwwersetzung.

Zäitgläich mat dem Sängerdag hate mer och nees eis Frënn vum CIOFF® fir de Sectormeeting zu Gaascht, dëst Joer an der Jugendherberg an der Fiels. Hei waren Delegéierter aus 24 Länner beienee komm fir iwwert Problemer wéi d'Transmissioun vum Patrimoine Intangible, a generell iwwert d'Erhalung vun Traditiounen a Brauchtem ze diskutéieren.

Den UGDA-Museksdag, de 17. Juni, dee wéi ëmmer am Kader vun der Fête de la Musique op der Plëss ofgehale ginn ass hat och dëst Joer, nees groussen Erfolleg.

De 19. Juni goufen am Centre ArcA zu Bartreng d'Regierungsmedailen u verdéngschtvoll Membere vun der UGDA verdeelt. Doniewent sinn och nach Verbandsauszeechnungen an d'Präisser vun «Sociétés à l'étranger» verdeelt ginn. De Premier- a Kulturminister Xavier Bettel war present fir dës Éierungen. Der Gemeng Bartreng soe mer Merci fir d'Zurverfügungstelle vun dësem Sall an dem Éierewäin.

Op der Militär Parade um Nationalfeierdag, huet dëst Joer d'Klengbettener Musek d'Federatioun representéiert.

Eng flott Manifestatioun war och de Nationale Big Band Dag, den 1. Juli op der Plëss, deen am Kader vum 40. Anniversaire vun der Big Band Opus 78 organiséiert ginn ass.

Den 8. September war den Escher Kulturlaf, mir konnte 24 Veräiner vermëttelen déi do laanscht d'Stréck fir Stëmmung gesuergt hunn.

Den 10. November war dann nach de Concert des Lauréats, gekoppelt un de Concours Jeunes Solistes, mat der Bouneweger Musek an der Diddelenger Musek, an de Soliste Philippe Schwartz a Nora Braun.

De selwechte Weekend war och den traditionellen Akkordeonsdag, mat 4 Harmonika-Orchesteren aus Däitschland, Frankräich a Lëtzebuerg am Ciné Ariston zu Esch.

Nennenswäert och nach, dass d'UGDA e ganzjäregen Workshop fir international Volleksdänz organiséiert hat, deen all Méindes owes um Briddel stattfonnt huet.

Comitésaarbecht : de Büro Exécutif gesäit sech am Prinzip eemol all Woch, de Conseil d'administration vun der UGDA all Mount ausser am August, dovu 4 mol mat den Delegéierten. De Conseil d'administration vun der Mutuelle war 3 mol zesumme komm an de Conseil d'arbitrage huet net missen aberuff ginn.

Donieft goufen 13 Sitzungen ofgehale mat Aarbechtsgruppen Harmonie-Fanfares, Big Bands, Folklore, Chéier a Jugendchéier, Theater. Hei goufen déi divers Manifestatioune virbereet an och Reglementer fir zukünfteg Concoursen diskutéiert.

343 Mol konnte mer mat engem oder e puer Membere vum Conseil d'Administration oder eisen Delegéierte bei eis Veräiner goen. Bei dëse Geleeënheete goufen 1.348 Éierenofzeechen a Medaile vun der UGDA iwwerreecht.

Vill Aktivitéit gouf et och bei der Musekssschoul, an där dëst Joer iwwer 5.700 Schüler ageschriwwe sinn. Dëst a Coursen, déi mer a 56 Gemengen ubidden, opgedeelt op 29 Gemenge mat "Cours de Musique" a 27 Gemenge mat Regionale Musekssschoulen. An iwwer 90 Uertschafte ginn d'Course gehale vun eise ronn 200 Chargé de Cours.

D'Revue Musicale ass 4 mol erauskomm, ewell reegelméisseg mat engem Volume vun 80 Säiten, a gëtt un all Membere vun der Federatioun an un d'Schüler vun der UGDA Musekssschoul verdeelt. Hei sinn eng ronn 400 Concerten an Aktivitéite vun eise Veräiner ugekënnegt ginn.

Dann eis dräi Regionalversammlungen, déi 2018 zu Véinen, zu Ueweraanwen an zu Klengbetten stattfonnt hunn. Hei gouf e Resumé vun der Saison gemaach. De Pierre Feltgen huet en Exposé iwwert déi nei Reglementatioun zum Dateschutz presentéiert, an de Fabio Secci koum déi nei Prestatioune vun der CMCM virstellen. De wichtegste Fakt op dëse Versammlunge war awer d'Annonce vun eiser Presidentin Martine Deprez, dass Si hiert Mandat an all aner Mandater an deem Zesummenhang mat Effet op den 1. Februar 2019 opgëtt.

De Generalsekretär huet dann nach bëssen iwwer Sujeeën aus der nationaler Politik geschwat déi eis direkt eppes uginn :

- de Rapport vun der Cour des Comptes iwwert d'Musekssschoulen, deen d'UGDA ausdrécklech begréisst. Dëst well d'Conclusiounen doraus sech a Villem mat deem decken, wat eis Vertrieder an deenen diverse Gremie wou et iwwert d'Musekserzéiung geet, schonns ganz laang soen;
- et ass en neit Gesetz iwwert d'Mutuellen um Instanzewee, wat eis all eppes ugeet;
- d'Gesetz iwwert d'ASBLen an d'Fondatioune soll – a muss – iwwerschafft ginn. Hei ass eng vun de grousse Suerge vun der grousser Politik d'Konformitéit mat de Critèren iwwert Wäisswäsche vu Sue vum GAFI. Dofir loosst eis – an domat menge mer all Federatioune – matschwätze beim Ausschaffe vun dësem ganz wichtege Gesetz !

  D'UGDA mécht hei en Opruff un d'Regierung d'Lëtzebuerger Veräinsliewen net um Altor vun der Finanzwirtschaft ze opferen ! Eng Lëtzebuerger Musek, Gesangsveräin, Sportsclub, Spuerveräin oder och Jikkeclub si wichteg Faktore fir d'sozial Kohesioun vum eisem Land.
- An dann de grousse Chantier, d'musikalesch Erzéiung an de Schoulen. D'UGDA begréisst dat wat d'Regierung hei an hirem Programm stoen huet ausdrécklech. Mir gesinn et als eng Chance fir all eis Veräiner un wann all Kand eng musikalesch Basisausbildung mat op de Wee kritt. Allerdéngs muss hei och iwwert d'Zesummenaarbecht mat den existéierende Strukturen nogeduecht ginn, iwwert Iwwergäng zu de Gesangsveräiner, de Museken an den Danzgruppen. An natierlech gëtt dat do och eng Erausfuerderung fir eis Musekssschoul an hir Enseignanten.

Dëst si Sujeeën déi an de nächste Jore misse verdéift ginn, an un deenen de Verwaltungsrot an de nächste Jore wäert schaffen. Et gëtt vill Weichen ze stellen, an dofir hoffe mer déi nächst Generatioun Musikanten a Sänger an dëse Comité kënnen eran ze brénge fir hir Zukunft matzegestalten.

Avis aux Amateurs ! D'Kandidature sinn op bis ugangs Januar 2020. Mir géifen eis awer freeë valabel Kandidate schonns an eise Regionalversammlungen am Dezember 2019 virstellen ze kënnen. Et gëtt iwwregens och nach Plaz bei eisen Delegéierten.

Duerno war et um Tresorier André Heinen fir de Keesebericht ze presentéieren. Ganz zügeg ass hien iwwert d'Konnte vun der Federatioun an der Museksschoul gaangen, an huet déi gréisste Posten analytesch erkläert. D'Federatioun schléisst d'Geschäftsjoer 2018 mat engem Boni vu ronn 80.000 € of. Dëst erkläert sech duerch verschidde Faktoren. Engersäits ass eng hallef Tâche déi am Budget stoung nach ëmmer net besat ginn, da goufen Investitiounen an der Informatik zeréckgestallt, a finalement ass de Sängerdag dank dem Pol Michels senger Aarbecht bei der Bühn, an der Kontributioun vum Piusverband, net esou deier gi wei budgetiséiert.

Dann huet den Tresorier nach erkläert, dass d'Donateuren déi 2018 der UGDA Donen iwwerwissen hunn, als solch an der Revue Musicale iwwert d'Joer 2019 publizéiert ginn.

De Rapport vun de Vérificateurs des comptes gouf nees vum Norbert Steinmetz gemaach, dem Tresorier impeccabel Aarbecht attestéiert, an d'Versammlung gebieden huet him Entlaaschtung ze ginn. Dëst ass dann och ouni Géigestëmm erfollegt.

D'Presidentin huet dunn d'Assemblée gefrot op et Froen oder Remarken zu deenen 2 Rapporte géif. Et koum keng Wuertmeldung, an domat huet si d'Versammlung da gefrot fir dem Verwaltungsrot Entlaaschtung fir d'Aktivitéiten am Joer 2018 ze ginn. Dëst ass ouni Géigestëmmen erfollegt.

Et war duerno um Generalsekretär fir de Programm fir 2019 an de Plang fir déi kommend Jore virzestellen.

Folgend Aktivitéiten si fir 2019 geplangt :
16.06.2019 : UGDA-Museksdag • Juni 2019 : Iwwerreeche vu Regierungs- a Verbandsauszeechnungen an de Präisser «Sociétés à l'étranger» • 23.06.2019 : Parade fir National-feierdag, mat de 4 Museken aus der Gemeng Suessem • 30.06.2019 : Rendez-vous Mandolines et Guitares • Concert national des Harmonies et Fanfares • Journée des Jeunes • Journée nationale de l'Accordéon

Déi 3 Regionalversammlunge sinn de 9. Dezember zu Berbuerg, den 12. Dezember zu Bauschelt an de 15. Dezember am Stad-Gronn.

4 Editioune vun der Revue Musicale si virgesinn, den 11. Mäerz, den 3. Juni, de 14. Oktober an den 2. Dezember.

Et soll en erweiderte Redaktiounsteam fir d'Revue Musicale an d'Liewe geruff gi fir de Contenu méi interessant ze gestalten, besonnesch mat Themen déi di Jonk interesséieren.

Dann hu mer eng Rei Manifestatioune fir déi kommend Jore virzebereeden : den Internationale Concours fir Big Bands zu Esch am Joer 2020, den Theaterfestival 2020 am Artikus zu Zolver, d'Participatioun un der CIOFF-Folkloriada am Summer 2020 zu Ufa a Russland, de Concours HaFa 2021 mat dem Concoursreglement, de nächste Sängerdag, deen 2021 op der Musel stattfanne soll an de nächsten Europäesche Concours fir HaFaBra 2022.

Bei der Museksschoul steet nieft den übleche Stagen an dem Concours Jeunes Solistes, als wichtegste Projet déi grouss Concertsrees vum NYWOL um Programm. Do geet an de Canada an an d'USA wou si am Kader vum Peace Garden Music Camp am Nord-Dakota, a bei der Blue Lake Academy am Michigan optrieden, an och bei eiser Lëtzebuerger Communautéit zu Belgium am Wisconsin.

Den European Wind Youth Orchestra (EUWYO) hält och 2019 nees eng Sessioun hei zu Lëtzebuerg of, wou mer och e grousse Merci un Stad Lëtzebuerg fir di materiell a finanziell Ënnerstëtzung kënne soen.

No dem Aktivitéitsprogramm fir 2019 huet de Generaltresorier André Heinen de Budget fir d'Joer 2019 fir d'Federatioun an d'Museksschoul presentéiert. Hien huet dann och matgedeelt, datt d'Cotisatioune fir d'Joren 2019 an 2020 onverännert bleiwen.

D'Versammlung huet d'Budgete fir 2020 an och de Programm 2019 an de Plang vun de kommende gréissere Manifestatioune per Akklamatioun an ouni Géigemeldung ugeholl.

Duerno war et un den Éierungen. Fir unzefänke kruten déi Veräiner, déi en Anniversaire feieren eng Schäerpe un hire Fändel geknëppt. Dat waren d'Fanfare Fréiseng fir 100 Joer, d'Lënster Musek fir 100 Joer, d'Fanfare Holtz fir 150 Joer an d'Philharmonie Municipale Dikrech fir 150 Joer.

Et War dunn um Honorarpresident Robert Weyland fir eng kléng Laudatio ze halen op d'Martine Deprez, an him de Merci vun de Kollegen aus dem Verwaltungsrot z'iwwerbréngen. Hien ass op seng ganz Carrière bei der UGDA agaangen, als Member vum Comité Central, da Generalsekretärin, an dann als éischt Fra un der Spëtzt vun der Federatioun. An als solch géif hie Si dann och wëllen an dem Club vun de fréiere Presidente wëllkomm heeschen.

De ganze Sall huet dem Martine Deprez du mat engem ausgedeenten Applaus am Stoe Merci an Äddi gesot, éier de Generalsekretär bekannt gemaach huet, de Comité decidéiert huet si, wéi hir Virgänger, zum Président Honoraire vun der UGDA z'ernennen.

Zwou weider Éierunge waren dunn nach um Ordre du Jour, an zwar wollt d'UGDA zwee Leit e besonnesche Merci ausspriechen. Dat ass engersäits de Marc Meyers, deen als Direkter vum Stater Conservatoire, ëmmer d'Zesummenaarbecht mat de Museks- a Gesangsveräiner sicht, fir Brécken ze bauen tëschent Conservatoire a Veräiner, deen sech awer virdrun och schonns e Numm als exzellente Solist op der Trombonne, an Dirigent vu sengem Hémechtsveräin der Diddelenger Stadmusek gemaach hat. E Merci gëllt him och fir déi sëlleche Kéiere wou hien der UGDA seng Infrastrukturen zu Verfügung stellt, an dass en ëmmer en oppen Ouer fir eis huet. Dofir huet de Verwaltungsrot decidéiert him d'Éireplaquette vun der UGDA z'iwwerreechen.

Et war dunn un engem Mënsch dee manner siichtbar ass, mä iwwert déi läscht Joerzéngten ëmmer do war wann et geheescht huet eppes grenziwwerschreidend, oder um Niveau vun der Groussregioun op d'Been ze stellen. Dëst notamment an der Union Musicale Interregionale oder beim Europäesche Jugendorchester. Hien kënnt aus dem Kreismusikverband Bernkastel-Wittlich, wou hie mat sengem Asaz eng vun de prägende Figuren an de läschte Joerzéngte war. Fir dësen Asaz, huet de Comité vun der UGDA den Ordre du Mérite Européen am Rang vum Offizéier fir hien ugefrot an och attribuéiert kritt : den Ewald Tonner.

De Romain Osweiler, dee säi Posten am Verwaltungsrot aus Zäitgrënn opginn huet, awer nach weider als Delegéierten am Dengscht vun der UGDA bleift, huet Merci gesot kritt fir seng Mataarbecht.

Et war dunn un der neier Kulturministesch Sam Tanson, déi sech mat hirer Ried konnt bei den Delegéierte vun de Veräiner virstellen. Si huet agangs erkläert, wéi si als Kand an der Bouneweger Musek geléiert huet Saxophon spillen, mä och wéi vill bei esou engem Veräi vu Bénévole geleescht gëtt, a wéi wichteg dës Aarbecht ass. Dat wëllt si dann och an hirem Wierken als Minister net vergiessen a gäre mat dru schaffe Brécken tëschent de Veräiner an den Institutiounen ze baue fir en aktiivt kulturellt Liewen an den Uertschaften z'erhalen. Si huet domat dem Comité an den Delegéierte vun der UGDA Merci gesot fir hir Aarbecht, a fir d'Zukunft mat dem Projet "nei Generatiounen erabréngen" vill Erfolleg gewënscht.

Den Éierepresident Jacques Santer huet duerno d'Aarbecht vun allen Acteure gewierdegt a gemengt dass de Comité sech do, an enger Zäit wou et ëmmer méi schwéier gëtt Bénévoler ze fannen, Grousses virgeholl hätt.

Als Ofschloss huet d'Buergermeeschtesch vun der Stad Lëtzebuerg, d'Madame Lydie Polfer gemengt d'UGDA hätt sech sécherlech net geiert, an et hätt kaum Een déi Auszeechnung esou verdéngt wéi de Marc Meyers, deen an alle Gremien net midd gëtt d'Wichtegkeet vun der Aarbecht an de Veräiner z'ënnersträichen. Duerno huet si dann op de Éierewäin invitéiert, deen si sech, wéi all Joer, eng Freed doraus mécht z'offréieren.

No engem weideren Interlude Musical mat den Trompes de Chasse St. Hubert, an dem Sange vun der Hémecht, gouf de Kongress 2019 dunn pénktlech op Mëtteg ofgeschloss.

UGDA – Sonderangebot Musikmesse 2019

Kostenlose Eintrittskarten für UGDA-Mitglieder vom 2. bis 5. April 2019

Busreise nach Frankfurt am 5. April mit Voyages Vandivinit

Sehr geehrtes UGDA-Mitglied,

die Musikmesse in Frankfurt am Main ist Ihnen, als Musikliebhaber, zweifelsohne bekannt. Diese internationale Messe bietet ein sehr umfangreiches Angebot an akustischen Instrumenten, Klavieren, Keyboards, Noten, Audio/Video/Recording und DJ-Zubehör, Schlagwerk, Gitarren und Verstärker, usw… für jeden Geschmack!

Dank der UGDA genießen Sie bei Ihrem Messebesuch folgendes Sonderangebot:

1. TICKETS:

Beantragen Sie Ihre kostenlose Eintrittskarte per E-Mail: **kristof.nelis@messefrankfurt.be** mit Betreff ***"Kostenloses Tagesticket MM – UGDA"***. Dieses Ticket ist am Messetag Ihrer Wahl gültig und wird Ihnen per E-Mail zugeschickt.

2. Sie beteiligen sich am 5. April an der GRUPPENREISE mit VOYAGES VANDIVINIT:

Bitte melden Sie sich für die Reservierung Ihrer Busreise bei www.vandivinit.lu (Tel.: 23 66 83 41 1). Ihre **Eintrittskarte** für die Musikmesse ist **nicht** im Angebot **einbegriffen** und **muss getrennt bestellt werden** (siehe Tickets).

Abreisezeiten:	Hinreise:	Rückreise:
	06.00 Uhr: Luxembourg Gare 06.15 Uhr: P&R Bouillon (Luxembourg) 07.00 Uhr: Ellange-Mondorf	18.00 Uhr: Abfahrt Musikmesse

Preis pro Erwachsener: 30 €
Preis pro Kind: 15 € (bis 12 Jahre in Begleitung eines Erwachsenen)

Alle Informationen über die Messe, Shows und Events genauso wie ein Austellerverzeichnis finden Sie unter www.musikmesse.com

Wir freuen uns auf Ihren Besuch in Frankfurt!

Kristof Nelis
Sales & Marketing Manager
Messe Frankfurt

Offizielle Vetretung der Messe Frankfurt in Belgien und Luxemburg
Messe Benelux België – Luxemburg BVBA / Galeries Royales Saint-Hubert, Rue de l'Arenberg, B - 1000 Bruxelles
Tel: 0032 (0)2-880.95.87 / 0032 (0)491-61 93 92 – Kontaktperson: Kristof Nelis – kristof.nelis@messefrankfurt.be

musikmesse

Tuesday to Friday
2. – 5. 4. 2019

Book your **online ticket** now and save up to **15 Euro**
→ **musikmesse.com**

Experience Music! Music in schools and colleges, music education and music therapy

Discover ideas to expand your music education offer at **Europe's biggest trade fair** for the music industry. In our **Music Education Center** you'll find **lectures, tutorials, workshops** and **panel discussions** on:

+++ **Music therapy** +++ **Making music in class** +++ **Prevention and treatment of music-related health issues** +++ **Teaching music in the digital age** +++ **Classical and digital sheet music** +++ **Discover Music: try out instruments** +++ **"New Therapy Instruments" Competition** +++

Capital city of music: **Musikmesse Festival with over 60 concerts** throughout Frankfurt.
New on Saturday, 6. 4.: **Pop-up Market** at the **Musikmesse Plaza** – discover, experience, shop!

info@belgium.messefrankfurt.com
Tel. +32 (0) 2 880 95 88

messe frankfurt

Pianos KLEBER

Un nouveau souffle au Luxembourg

Espace Accordéons

VENTE • LOCATION • ACCORD • REPARATION • EXPERTISE

Pianos KLEBER, spécialiste dans le domaine du piano depuis 1872, ouvre un nouvel **Espace Accordéons** et développe ainsi son activité et ses compétences.

Nos techniciens spécialisés vous accompagnent dans vos choix d'achat ou de location. Venez découvrir notre sélection de marques, modèles et accessoires dédiés.

PHOTOS ET CONTENU NON CONTRACTUELS

Vente pour tout niveau et tout âge | **Location** à partir de 30€TTC / mois

PIGINI · MANUFACTURE maugein D'ACCORDEONS · SCANDALLI · Paolo Soprani · Roland

Pianos KLEBER

20, Rue Goethe - L 1637 - Luxembourg
accordeons@pianoskleber.lu
(00 352) 22 30 36

Horaires d'ouverture :
lundi et samedi 9h00-13h00 / 14h00-18h00
du mardi au vendredi 9h00-18h00 NON STOP

20.01.2019 in Wincrange

Diplomüberreichung im Norden

Texte : **Alice ENDERS - mywort.lu (2. Februar 2019)** | Photos : **Alice ENDERS**

Musik zählt zu einem der besten Dinge der Welt, denn mit Musik bringt man Gefühle zum Ausdruck, die für viele absolut unverzichtbar sind.

Neulich nahmen 146 Schüler der Musikschule des Kantons Clerf und Schüler der Musikkurse ihr Diplom entgegen, die sie sich mit Müh, Fleiß und Können verdient hatten. Diese Diplomübergabe fand im Kulturzentrum in Wintger statt, im Beisein von Direktor der UGDA-Musikschule Paul Scholer, dem Direktor der Clerfer Musikschule Thomas Reuter, sowie zahlreicher eingeladener Ehrengäste.

Ausgezeichnet wurden Schüler aus den Gemeinden Bettendorf, Reisdorf, Tandel, "Regionalschule Obersauer", Klerf, Weiswampach, Wintger, Ulflingen, Wilwerwiltz und Parc Hosingen. Zugleich erhielten die Schüler ein Geschenk eines Firmensponsors. Abgerundet und verschönert überzeugten die Musikschüler das Nachmittagsprogramm vom Kinderchor unter der Leitung von Mario Paquet, dem Vokalensemble geleitet von Erik Schmidt, der Klarinettenmusik von Véronique Anciaux, einer Comboband geleitet von Andy Houscheid, sowie einer Combogruppe von Stephan Schmitz, der Cello/Percussion von Anne Börgmann und Martin Schommer.

Marcel Thommes, Bürgermeister der Gemeinde Wintger würdigte den Willen aller Schüler und unterstrich den Wert von Musik und Gesang als wichtige Eckpfeiler auf kultureller Ebene.

Kinderchor unter der Leitung Mario Paquet

Gut besuchte Diplomüberreichung der Musikschule des Kanton Clerfs

Celleo/Percussion-Gruppe von Anne Börgmann und Martin Schommer

Lehrbeauftragte und der Musischule des Kanton Clerfs zusammen mit den Gemeindeverantwortlichen

3.02.2019 à Niederanven

Remise nationale des diplômes

Texte : **Micky Thein** | Photos :**J.M. "Lupo" LUDOWICY**

Le dimanche 3 février 2019 a eu lieu la remise officielle des diplômes de l'année scolaire 2017/2018 des lauréats des cours de musique de l'Ecole de musique de l'UGDA à Niederanven. 881 élèves ont été honorés devant un vaste public avec la présence du Président de la Chambre des Députés, Monsieur Fernand Etgen et du ministre de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, Monsieur Claude Meisch.

Quatuor de Saxophones de Rainier Radelet

Placée sous le patronage de la Commune de Niederanven, la festivité a accueilli de nombreux députés-maires, députés, bourgmestres, échevins et représentants des communes conventionnées, les responsables locaux des cours, des représentants de sociétés affiliées à l'UGDA et ainsi que tout le corps enseignant.

Après l'ouverture musicale, Monsieur Raymond Weydert, bourgmestre de Niederanven a félicité les nombreux lauréats présents pour leur volonté de s'investir au niveau culturel dans leur commune respective. Il a souligné l'importance des cours dispensés par l'Ecole de musique de l'UGDA sur le plan local et régional et le grand atout dont peuvent bénéficier les sociétés culturelles des différentes communes.

Monsieur Gilbert Girsch s'est félicité du programme musical de la remise et a mis en évidence les mérites et efforts des élèves pour aboutir aux résultats d'aujourd'hui et a remercié les responsables politiques pour l'investissement dans les cours d'enseignement musical pour à la fin souligner les activités phares de l'Ecole. Un Merci a été adressé aux enseignants et à la direction ainsi qu'à la commune de Niederanven pour l'organisation de la festivité.

Remise des diplômes et cadeaux

Le directeur de l'Ecole de musique, Monsieur Paul Scholer a présenté l'Ecole de musique en chiffres pour clôturer avec l'importance de la nouvelle collaboration entre l'Ecole de musique et le Ministère de l'Education, de l'Enfance et de la Jeunesse. Ainsi de nouvelles perspectives et projets peuvent être élaborés et une éducation musicale pour chaque enfant scolarisé est envisageable.

Avant la cérémonie de la remise des diplômes le ministre Claude Meisch a félicité tous les lauréats pour leur réussite musicale, tout on leur souhaitant une bonne continuation de leur exercice et de leur passion.

La remise des diplômes a été encadrée par une audition musicale des élèves méritants de l'Ecole de musique de l'année scolaire 2017/2018.

Le président de la chambre des députés, Fernand Etgen, le ministre Claude Meisch, le conseil d'administration de l'École de musique et le personnel de l'École de Musique

Echo dans la presse luxembourgeoise

Remise nationale des diplômes

Textes : **Vidosava Kuzmic (© RTL)** | Photos :**J.M. "Lupo" LUDOWICY**

881 Schüler kruten en Diplom

D'Union Grand-Duc Adolphe ass jo a 56 Gemengen zoustänneg fir de Museks-Unterrecht an zielt ganzer 13.000 Memberen. Et feelt allerdéngs u Benevollen.

881 Schüler konnte sech e Sonndeg de Moien iwwert een Diplom vun der UGDA-Museksschoul freeën. D'Union Grand-Duc Adolphe ass jo a 56 Gemengen zoustänneg fir de Museksunterrecht an zielt ganzer 13.000 Memberen. Den Interessi fir d'Musek wier also nach ëmmer do, och bei de Jonken. An awer steet d'UGDA aktuell virun enger Rei Erausfuerderungen.

Der UGDA geet et gutt, esou de neie President Gilbert Girsch. Mat ronn 5.700 neien Aschreiwunge fir d'Joer 2017/2018, bleift d'Unzuel vun de Schüler an de Museksschoule stabel. Wat de Verwaltungsrot awer ugeet, huet d'UGDA et méi schwéier. Et feelt u Benevolle, ee Grond firwat de Gilbert Girsch d'Presidence iwwerholl huet, nodeems d'Martine Deprez demissionéiert huet. Wa sech keen anere géing fanne, fir de Poste vum President z'iwwerhuelen, géing de Gilbert Girsch driwwer nodenken, och no 2020 weider ze maachen.

Wat den Interessi fir d'Musek bei deene Jonken ugeet, kéint ee sech net beschwéieren. 14% vun de Kanner sinn tëscht 5 a 6 Joer al, fir Nowuess ass also gesuergt. Fir dass awer nach méi Jonker u Museksscoursen deelhuele kënnen, misst een den Accès vereinfachen, erkläert de Paul Scholer, Direkter vun der UGDA Museksschoul. Engersäits bedeit dat nach méi eng enk Zesummenaarbecht mat de Maison Relaisen a Grondschoule, fir dass d'Musek eng méi grouss Roll anhëlt. Anerersäits wier et och wichteg, dass all Famill et sech leeschte kéint, d'Kanner an enger Museksschoul anzeschreiwen, esou de Paul Scholer.

Fazit : der UGDA geet et zwar gutt, mä et kann awer ëmmer nach bësse besser goen.

(http ://www.rtl.lu/kultur/1301844.html

Soliste Anne Johann

Allocution de Monsieur le Bourgmestre Raymond Weydert

Remise du titre chargée de cours honoraire à Madame Romaine Goethals

Soliste Ana Olinger

Allocution de Monsieur le Ministre Claude Meisch

lalux
ASSURANCES

On n'achète pas une demi-voiture.

Pourquoi se contenter d'une demi-assurance?

easyPROTECT-Auto, l'assurance complète pour votre véhicule.

LA LUXEMBOURGEOISE • 9, rue Jean Fischbach • L-3372 Leudelange • Tél. 4761-1 • groupeLL@lalux.lu • www.lalux.lu

STAGES ECHANGES FORMATIONS

Union Grand-Duc Adolphe
ugda
Ecole de Musique

STAGES AVRIL 2019 - NOVEMBRE 2019

Stage	Âge	Dates	Lieu	Nbre	Partenaires	Frais
Weekend de Danses et Musiques Traditionnelles	7 à 13	16.03. – 17.03	Marienthal	50	SNJ	70 €
Musekswoch Ouschteren École de musique du Canton de Clervaux	8 à 14	10.04. – 13.04.	Munshausen	60	SNJ EMCC	180 €
Musekswoch – Mariendall	10 à 16	13.07. – 19.07.	Marienthal	60	SNJ	343 €
Musekswoch fir Ufänger – Huelmes	7 à 10	15.07. – 20.07	Hollenfels	60	SNJ	290 €
The Young Voices École de musique du Canton de Clervaux	8 à 12 13 à 20	28.10. – 31.10.	Weicherdange	40	SNJ INECC EMCC	180 €
Zesummen sangen a musizéieren, sech bewegen an danzen	10 à 15 (16)	27.10. – 30.10.	Hollenfels	60	SNJ	180 €

PROJETS 2019

Projet	Âge	Dates	Lieu	Nbre	Partenaires	Frais
«Olympiad vun den Tutebattien»			diff. communes			

ÉCHANGES EUROPÉENS / INTERNATIONAUX 2019

Échanges européens	Âge	Dates	Lieu	Nbre	Partenaires	Frais
Semaine Internationale de Musique	14 - 26	19.07. – 29.07.	Esch-sur-Alzette	60	Conservatoire Esch/Alzette «Erasmus + Youth in action»	354 €
Sinfonie in Fels Sinfonieorchester-seminar	14 -	3.10. – 6.10.	Larochette	65	Sinfonie in Fels	85 € / 40 €

FORMATIONS (ANIMATEURS) 2019

Formations	Âge	Dates	Lieu	Nbre	Partenaires	Frais
„Bodypercussion a Stomp“	16 -	27.04. – 28.04.	Marienthal	20	SNJ	56 €
Semaine de formation Animateur «BREVET B»	16 -	26.10. – 31.10.	Marienthal	20	SNJ	150 €

CONCOURS 2019

Concours	Âge	Dates	Lieu	Nbre	Partenaires	Frais
Take Two To Six (Jazz – Pop – Rock…)	< 27 ans	19.05	Salle de concerts ArcA, Bertrange		Commune de Bertrange Commission ArcA SNJ	12 EUR par membre du groupe
36e Concours Luxembourgeois pour Jeunes Solistes et Concours Européen	< 27 ans	10.11.	Conservatoire de la Ville de Luxembourg		Conservatoire de la Ville de Luxembourg	32 € solo 16 € par membre du groupe

INSCRIPTIONS STAGE
www.ugda.lu/ecole-de-musique
> Stages et activités
> Formulaire d'inscription ONLINE

Avec le soutien de

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

snj Service National de la Jeunesse

lalux ASSURANCES

11.05. - 24.05.2019 à Bertrange

FESTIVAL JEUNES TALENTS

PROGRAMME

11.05.2019

- Cérémonie d'ouverture du Festival Jeunes Talents
- Atelier de graffiti avec l'artiste Raphael Gindt
- Concert d'ouverture « Mission Percussion » par Just Music

12.05.2019

- Atelier de danse avec Romain Philipp
- Spectacle de danse « Youth in Movement »
- Présentation des réalisations de jeunes cinéastes « Jugend filmt jonk Talenter »

17.05.2019

- Vernissage de l'exposition « Jugend moolt »
- Jeunes organistes in concert

18.05.2019

- Ateliers de cirque et de théâtre
- Spectacle du Zaltimbanq' Zirkus
- Représentation théâtrale

19.05.2019

- Concours transfrontalier « Take two to six » pour jeunes groupes de musiques actuelles (Jazz-Pop-Rock...)

24.05.2019

- Concert de clôture de la « Bartrenger Musek »

Pour tout renseignement complémentaire, veuillez consulter le site Internet www.bertrange.lu

"FESTIVAL DES JEUNES TALENTS"
BERTRANGE

CONCOURS
TRANSFRONTALIER

"TAKE TWO TO SIX"
(JAZZ – POP – ROCK...)

19 MAI 2019

INFORMATIONS ET INSCRIPTIONS:
WWW.UGDA.LU/ECOLE-DE-MUSIQUE

Union Grand-Duc Adolphe
ugda
Ecole de Musique
Concours Jeunes Solistes

Commune de BERTRANGE

ArcA Bartreng

snj
Service National de la Jeunesse

avec le soutien financier du Ministère de la Culture

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

10th of november 2019 at Luxembourg-City

European competition for oboe, bassoon, horn, piano solo and chamber music (Percussion trio)

L'Ecole de musique de l'Union Grand-Duc Adolphe (UGDA) organise, le dimanche 10 novembre 2019 au Conservatoire de la Ville de Luxembourg, un concours européen de hautbois, basson, cor, piano solo et musique de chambre (trio percussion) dans le cadre du 36e Concours Luxembourgeois pour Jeunes Solistes.

Le concours est placé sous le haut patronage de Son Altesse Royale Le Grand-Duc Jean de Luxembourg.

L'Ecole de musique de l'UGDA attend des candidatures venant de tous les pays d'Europe.

Par sa conception, le Concours s'adresse aussi bien aux débutants qu'aux jeunes musiciens déjà formés. La limite d'âge est de 26 ans.

Date-limite des inscriptions :
le 10 octobre 2019.

Renseignements et inscriptions :
(règlement, morceaux imposés, formulaires d'inscriptions)

Die UGDA-Musikschule veranstaltet am Sonntag, den 10. November 2019 im Konservatorium der Stadt Luxemburg, einen europäischen Wettbewerb in den Solodisziplinen Oboe, Fagott, Horn, Klavier Solo und Kammermusik (Schlagzeug Trio), dies im Rahmen des 36. Luxemburger Jungsolistenwettbewerbes.

Der Wettbewerb steht unter der Schirmherrschaft von Seiner Königlichen Hoheit, Großherzog Jean von Luxemburg.

Die UGDA Musikschule erwartet Kandidaturen aus allen Ländern Europas.

Sechs verschiedene Leistungsstufen ermöglichen die Teilnahme sowohl von Anfängern, wie auch von fortgeschrittenen Solisten. Die Altersgrenze liegt bei 26 Jahren.
